Question élargie n° 111
Reçue le 19.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.07.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 19. Juli 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 85 vum Chambersreglement et virgesäit, wollt ech eng Question élargie zu dem Energiecharta-Vertrag un den Här Energieminister stellen.

An deene leschte Méint ass versicht ginn d'Energiecharta, en Vertrag deen de Betriber aus dem Energiesecteur et erlaabt Staaten ënnert gewësse Konditioune viru Schiidsgeriichter ze verkloen, ze reforméieren. Momentan verhënnert de Vertrag den Ausbau vun erneierbaren Energien, sief et duerch d'Angscht vu potenzielle Geriichtsentscheedungen, effektiv Kloen (z.B. RWE géint Holland) oder bestoend Fakten (Ausstig aus der Kuel an Däitschland). All dëst bedréit d'Ëmsetzung vun der europäescher Klimapolitik. Och d'Lëtzebuerger Finanzplaz spillt hei seng Roll, well d'Investmentfongen oder Gesellschaften hiren Investisseure d'Méiglechkeet gëtt iwwert den Ëmwee Lëtzebuerg aner Länner ze verkloen. Am Februar huet d'EU-Kommissioun de Vertrag bëssen opgeweecht ouni awer dass d'fossil Energieindustrie bedeitend Zougeständnesser misst maachen. Vue dass eng bedeitend Reform vum Energiecharta-Vertrag net wierklech ëmsetzbar schéngt, besteet dann nach d'Méiglechkeet aus dem Vertrag erauszeklammen, sief et eleng oder mat aneren (oder all den) EU-Staaten.

Dofir géif ech gären dëse Sujet am Kader vun enger Question élargie uschwätzen a folgend Theme méi genau behandelen:

- Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung zum Energiecharta-Vertrag an engem eventuellen Ausstig
- Roll vun dem Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg a méiglech Léisungsvirschléi

Här President ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Paul Galles

Deputéierten